PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/06/2025

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.

D'Préiwung zu der Bewäertung vun der lëtzebuergescher Sprooch ass eng vun de Prozeduren, déi am Kader vum Erhalt vun der lëtzebuergescher Nationalitéit duerchgefouert gëtt.

Am betreffende Gesetz seet den Artikel 15: Sur demande motivée, le ministre peut dispenser le demandeur de l'examen d'évaluation de la langue luxembourgeoise lorsque son état de santé physique ou psychique le met dans l'impossibilité d'apprendre cette langue. Un certificat émanant d'un médecin spécialiste doit être joint à la demande. Le demandeur peut être entendu par le délégué du ministre. En cas de doute, le ministre peut ordonner une expertise médicale.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Fäll sinn et an de leschte 5 Joer ginn, ventiléiert no état de santé physique an psychique, wou de Sproochentest am Kader zum Erhalt vun der lëtzebuergescher Nationalitéit net huet misse gemaach ginn ?

2. A wéi ville Fäll huet de Minister eng expertise médicale veruerdent, esou wéi Gesetz et virgesäit am Zweiwelsfall?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten